N°1634
Entrée le 06.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°1634 du 6 décembre 2024 de Monsieur le député Tom Weidig au sujet du Space Mining**

D'„Luxembourg Space Week" déi den Här Deputéierten a senger parlamentarescher Fro ernimmt war eng Rëtsch vun eemolege Veranstaltungen am Dezember 2024. An der „Luxembourg Space Week" goufen Evenementer vu verschiddenen Organisatioune gläichzäiteg zu Lëtzebuerg ofgehalen, d'Luxembourg Space Agency (LSA) war haaptsächlech un der „New Space Europe" Konferenz aktiv bedeelegt. D'„Luxembourg Space Week" sollt net mat der „Space Resources Week" verwiesselt ginn, déi Lëtzebuerg zanter 2019 all Joer zesumme mat der Europäescher Weltraumagentur ESA zu Lëtzebuerg organiséiert.

Generell ass d'Haaptzil vun der nationaler Weltraumstrategie 2023-2027, déi 2022 vun der Regierung approuvéiert gouf, de kommerzielle Weltraumsecteur zu Lëtzebuerg weider opzebauen. Dës Strategie dréit zur Diversifizéierung vun der nationaler Wirtschaft bäi, ënnerstëtzt d'Industrie bei der Innovatiounen, entwéckelt Zukunftstechnologie fir kommerziell Weltraumaktivitéiten, an encouragéiert d'Schafe vu qualifizéierten Aarbechtsplazen.

D'Notze vu Weltraumressourcen, wourënner de Space Mining fält, ass eng vun de véier Prioritéite vun der nationaler Weltraumstrategie. Mat der Initiativ SpaceResources.lu setzt Lëtzebuerg sech fir e friddlecht Erfuerschen an eng nohalteg Entwécklung vum Gebrauch vu Weltraumressourcen an.

D'Initiativ SpaceResources.lu huet Lëtzebuerg méi sichtbar an attraktiv gemaach fir Aktivitéite ronderëm déi kommerziell Notzung vum Weltraum. Mam Enn vun der ISS an der Entwécklung vu kommerzielle Raumstatiounen an den USA beschleunegt sech d'Kommerzialiséierung am Low Earth Orbit. An de leschte Joren hunn sech villverspriechend Firmen zu Lëtzebuerg etabléiert.

Am Aklang mat senger Weltraumstrategie entwéckelt Lëtzebuerg keng eege Missioune fir d'Notzung vu Weltraumressourcen, mee bitt en transparent a favorabelt Ëmfeld fir kommerziell Acteuren, fir hier Aktivitéite mat Weltraumressourcen duerchzeféieren. D'Regierung ënnerstëtzt dës Acteuren iwwert d'Luxembourg Space Agency an d'ESA bei der Co-Entwécklung vun den Technologien, déi an Zukunft gebraucht ginn. Space Mining, am enke Sënn, ass nëmmen ee klengen Deel vun enger vill méi breeder Wertschöpfungskette vun der Notzung vu Weltraumressourcen.

Lëtzebuerg engagéiert sech op verschiddenen Niveauen, fir dëse Beräich zesumme mat sengen internationale Partner weider ze entwéckelen. Op der legaler a regulatorescher Säit ass Lëtzebuerg en aktive Member vun der UN-Aarbechtsgrupp iwwer déi legal Aspekter vu Weltraumressourcenaktivitéiten, déi 2022 gegrënnt gouf. Dës Grupp huet d'Mandat, en internationale Kader auszeschaffen. Lëtzebuerg huet 2024, zesumme mat der Belsch, en UN-Expert Meeting zu Lëtzebuerg an der „Space Resources Week" organiséiert, wou politesch Entscheeder aus der ganzer Welt an Experten aus der Industrie an anere Weltraumagencen sech getraff hunn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Op europäeschem Niveau huet Lëtzebuerg 2020 zesumme mat der ESA den European Space Resources Innovation Centre (ESRIC) zu Belval gegrënnt. ESRIC féiert Fuerschungsaktivitéiten duerch, déi och vum FNR finanzéiert ginn, hebergéiert ESA-Infrastrukturen, a kooperéiert mat der Industrie uechter Europa.

Lëtzebuerg gehéiert zu den 8 éischte Signataire vun den Artemis Accorden, déi Reegele fir eng verantwortungsvoll, nohalteg a friddlech Exploratioun vum Weltraum ausleeën. D'LSA féiert aktuell Gespréicher mat der NASA, fir en nationale Bäitrag zum Artemis-Programm ze definéieren.

Luxembourg, le 06/01/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles